LSAP

N°3506
Entrée le 22.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verdeedegungsministesch an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Wéi aus engem rezenten Artikel vun der *Financial Times*[1] ervir geet, fänke Länner uechter d'Welt nees u strategesch Liewensmëttelreserven opzebauen. Dorënner befannen sech grouss Acteuren ewéi Indien oder China, mä och europäesch Memberstaate wéi Schweden, Finnland an Däitschland. Als Haaptgrënn fir dës Entwécklung ginn déi ëmmer méi onbestänneg an ugespaanten international Situatioun, d'Risike vum Klimawandel an eng wuessend Onsécherheet am Welthandel genannt.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch, sou wéi dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung d'Entwécklung, datt ëmmer méi Länner nees op strategesch Liewensmëttelreserven zeréckgräifen, an dat och an Europa? Gesäit d'Regierung doran eng néideg Virsiichtsmoossnam oder éischter e Risiko fir d'Stabilitéit vun de weltwäite Liewensmëttelmäert?
- Ginn et staatlech oder staatlech koordinéiert Reserven?
- Wa jo, iwwert wéi eng strategesch Reserven u Liewensmëttel, notamment un agrarwirtschaftleche Grondliewensmëttel (wéi zum Beispill Kären), verfüügt Lëtzebuerg aktuell?
- Ginn et och Reserve vu Geseems (*dt. Saatgut*) an/oder Dünger?
- Wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt national Stockpiling-Strategien, wéi se am Artikel beschriwwe ginn, zu klammende Präisser an enger weiderer Belaaschtung vun de vulnerabelste Populatioune weltwäit féieren? Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir d'EU an dësem Kontext?

Mat déiwem Respekt

| | |
|---|---|
| Claire Delcourt | Liz Braz |
| Deputéiert | Députée |

[1] Savage, S. (14. Januar 2026). "Why the world has started stockpiling food again".

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro N°3506 vum 22. Januar 2026 vun den honorabelen Deputéierte Claire Delcourt a Liz Braz.**

1. **Wéi bewäert d'Regierung d'Entwécklung, datt ëmmer méi Länner nees op strategesch Liewensmëttelreserven zeréckgräifen, an dat och an Europa? Gesäit d'Regierung doran eng néideg Virsiichtsmoossnam oder éischter e Risiko fir d'Stabilitéit vun de weltwäite Liewensmëttelmäert?**
2. **Ginn et staatlech oder staatlech koordinéiert Reserven?**
3. **Wa jo, iwwert wéi eng strategesch Reserven u Liewensmëttel, notamment un agrarwirtschaftleche Grondliewensmëttel (wéi zum Beispill Kären), verfüügt Lëtzebuerg aktuell?**
4. **Ginn et och Reserve vu Geseems (dt. Saatgut) an/oder Dünger?**
5. **Wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt national Stockpiling-Strategien, wéi se am Artikel beschriwwe ginn, zu klammende Präisser an enger weiderer Belaaschtung vun de vulnerabelste Populatioune weltwäit féieren? Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir d'EU an dësem Kontext?**

D'Uleeën vu strategesche Liewensmëttelreserven a – ganz generell – de Liewensmëttelsecteur hunn eng zentral Bedeitung an der Preparatioun op Krisen an den Opbau vun der nationaler Resilienz.
Dëst spigelt sech beispillsweis och an den Aktioune vun der EU-Kommissioun erëm, déi dorop ausgeriicht si Preparatioun a Resilienz vun de kriteschen Infrastrukturen an Entitéiten erop ze setzen (CER-Direktiv) oder och nach d'Preparatioun vun der gesamter Europäescher Unioun ze stärken. Esou huet d'EU-Kommissioun am Dezember lëscht Joër hier éischt europäesch *Stockpiling Strategy* virgestallt, déi sech an déi generell *European Preparedness Union Strategy* (2025) afüügt. Et geet drëms op europäeschem Niveau sécher ze stellen, datt am Krisefall, d'Memberstaaten iwwer genuch essenziell Gidder verfügen – wéi Liewensmëttel, Waasser, Pëtrol, Gas a Medikamenter, fir de Fonctionnement vun de liewenswichtegen ëffentleche Servicer ze garantéieren.

Och bei der NATO spillt de Liewensmëttel – an Agrarsecteur eng wichteg Roll bei der Stäerkung vun der nationaler a kollektiver Resilienz vun der Allianz. Esou huet NATO an der ziviller Planung, déi als essenzielle Bausteng fir déi militäresch Preparatioun ugesi gëtt, sougenannte *7 Baseline requirements* mat Evaluatiouns Krittären ausgeschafft, wouvu *Baseline* n°4 spezifesch op resilient Waasser – a Liewensmëttelressourcen ausgeriicht ass. National Autoritéite kënnen op dës *Baselines* an hirer nationaler Planifikatioun zréck gräifen. Dës *Baselines* ginn aktuell iwwerschafft fir den neie geopoliteschen Erausfuerderunge Rechnung ze droen.

D'Lëtzebuerger Regierung ass sech der Bedeitung vum Opbau vu strategesche Liewensmëttelreserve bewosst. An der Linn vun den europäeschen Aarbechten an deene bei der NATO, huet d'Regierung an der Nationaler Resilienzstrategie, déi am Oktober 2025 presentéiert gouf, e puer konkret Aktioune betreffend Liewensmëttel – an Drénkwaasserstocks (Aktiounen 12-15) definéiert, déi, an Zesummenaarbecht mat de respektiven responsabelen Acteuren ëmgesat ginn. Desweideren, definéiert den Pilier 5 iwwer *Une*

*gestion intégrée des ressources stratégiques et logistiques* konkret Aktioune fir déi national Reservekapazitéiten, ënner anerem am Liewensmëttelberäich, erop ze setzen.

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN